N°4238
Entrée le 17.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence
17 JUIN 2026
A traiter par
Copie à

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An engem rezente Presseartikel gëtt drop higewisen, datt d'Europäesch Chemikalienagence ECHA recommandéiert huet, Trifluoressigsäure, kuerz TFA, als méiglecherweis reproduktiounsschiedlech anzestufen. TFA entsteet ënner anerem duerch verschidde Pestiziden a Killmëttel a kann, wéinst senger grousser Persistenz, zu enger laangfristeger a diffuser Belaaschtung vu Waasserressourcen féieren. Dem Artikel no, muss d'EU elo iwwer méiglech Konsequenzen, wéi Kennzeechnungen oder Verbueter, decidéieren.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister an der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung déi rezent Recommandatioun vun der Europäescher Chemikalienagence, TFA als reproduktiounstoxesch anzestufen, a wéi eng méiglech Konsequenze gesäit si fir Lëtzebuerg?
- Wéi hunn sech d'Mooswäerter vun TFA am Kader vum nationale Monitoring an de leschte Joren entwéckelt?
- Gedenkt d'Regierung, am Virfeld vun enger eventueller europäescher Regulatioun, zousätzlech national Moossnamen ze ënnersichen, fir d'Belaaschtung vun der Ëmwelt duerch TFA ze reduzéieren?
- Sinn am Kader vum nationale Waasser- a Pestizidmonitoring zousätzlech Analysen oder Fuerschungsprojeten zu TFA virgesinn?
- Wéi eng Auswierkunge kéint eng méiglech Restriktioun oder en eventuellt Verbuet vun TFA-bildende Pestiziden op déi lëtzebuergesch Landwirtschaft hunn?
- Leien der Regierung scho Recherchen oder Analysen zu méiglechen Alternativen zu dëse Substanze vir?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4238 vum 15. Juni 2026 vun der éierewäerten Deputéierte Madamm Claire Delcourt iwwert "TFA a Belaaschtung vu Wasserressourcen"**

1. **Wéi bewäert d'Regierung déi rezent Recommandatioun vun der Europäescher Chemikalienagence, TFA als reproduktiounstoxesch anzestufen, a wéi eng méiglech Konsequenze gesäit si fir Lëtzebuerg?**

   De Risikobewäertungscomité (RAC) vun der Europäescher Chemikalienagence (ECHA) huet Ufank Juni 2026 virgeschloen, TFA als „Toxic to Reproduction, Category 1B (Repr. 1B)" anzestufen. D'Roll vum RAC ass et, déi wëssenschaftlech Donnéeën ze bewäerten an eng Propose fir d'Europäesch Kommissioun auszeschaffen, déi fir déi definitiv Decisiounen am Kader vun der EU CLP-Veruerdnung iwwer d'Klassifikatioun, d'Kennzeechnen an d'Verpakung vu Substanzen a Mëschungen zoustänneg ass.

   Op Grond vun enger neier Klassifikatioun vun enger Substanz, kéinten d'Entreprisen dozou verflicht ginn, d'Kennzeechnen vun hire Produiten unzepassen, hir Sécherheetsinstruktiounen ze iwwerpréiwen an d'Schutzmoossname fir d'Aarbechter an d'Benotzer ze verstäerken.

   Nieft dësen Auswierkunge kéint eng méiglech harmoniséiert Klassifikatioun och Auswierkungen op d'Regulatioun an d'Bewäertung vu Liewensmëttel an Drénkwaasser hunn. Sou kéinten d'Autoritéiten dozou bruecht ginn, d'Critèrë fir d'Bewäertung vun der Drénkwaasserqualitéit an d'Präsenz vun dëser Substanz an de Waasserressourcen nei ze iwwerpréiwen.

2. **Wéi hunn sech d'Moosswäerter vun TFA am Kader vum nationale Monitoring an de leschte Joren entwéckelt?**

   D'Analysemethode fir TFA sinn eréischt an de leschte Joren entwéckelt ginn. D'Substanz gouf 2024 an d'routinéiert national Iwwerwaachung vun der Waasserqualitéit opgeholl.

   Déi bis elo disponibel Donnéeë weisen, datt d'TFA-Konzentratioune punktuell Schwankunge kënnen opweisen. Fir d'Drénkwaasser gouf tëscht der éischter Hallschent 2025 an där selwechter Period 2026 eng liicht Erhéijung vun den duerchschnëttleche Moosswäerter observéiert. Bei de Grondwaasseranalysen ass och eng moderat Erhéijung festgestallt ginn, wärend fir d'Uewerflächewaasser nach keng Vergläicher iwwer verschidde Jore méiglech sinn, well de Monitoring op engem dräijärege Rotatiounssystem baséiert.

   Opgrond vun der nach limitéierter Datebasis ass et awer de Moment nach net méiglech, zouverlässeg Aussoen iwwer eng laangfristeg Entwécklung vun den TFA-Konzentratiounen ze treffen. Déi rezentst Resultater sinn am éischte Rapport vum interministerielle PFAS-Grupp dokumentéiert, deen den 11. Mäerz publizéiert gouf. De Rapport ass um Ëmweltportal verfügbar: https://environnement.public.lu/fr/publications/eaux/pfas-2026.html

**3. Gedenkt d'Regierung, am Virfeld vun enger eventueller europäescher Regulatioun, zousätzlech national Moossnamen ze ënnersichen, fir d'Belaaschtung vun der Ëmwelt duerch TFA ze reduzéieren?**

D'Regierung ënnersicht d'Méiglechkeet, zousätzlech national Moossnamen ze huelen, fir d'Belaaschtung vun der Ëmwelt duerch TFA ze reduzéieren. Fir weider Detailer gëtt notamment op d'Aktiounen A.2.2 (« Limitation des produits phytopharmaceutiques générant du TFA dans les zones de protection des eaux potables »), A.2.3 (« Réduction progressive des apports en TFA en provenance d'autres origines que celles mentionnées sous le point A2.2 ») an A.2.4 (« Promotion de programmes de réduction des produits phytopharmaceutiques dans les zones de protection des eaux potables ») souwéi op d'Aktiounen A.7.1 («Réduction des gaz générant du TFA dans les pompes à chaleur») an A.7.3 («Réduction dans d'autres domaines tels que l'utilisation de produits contenant du PFAS (textiles, cosmétiques, jouets…)» vum nationale PFAS-Aktiounsplang verwisen.

**4. Sinn am Kader vum nationale Waasser- a Pestizidmonitoring zousätzlech Analysen oder Fuerschungsprojeten zu TFA virgesinn?**

Am Kader vum interministerielle PFAS/TFA-Aktiounsplang sinn eng Rei zousätzlech Analysen a Fuerschungsaarbechte virgesinn, fir d'Wëssensbasis iwwer d'Verbreedung an d'Origine vum TFA weider auszebauen.

Dozou gehéieren ënner anerem :

- d'Verstäerkung vum Monitoring vun TFA am Drénkwaasser, am Grond- an Uewerflächewaasser souwéi am Reewaasser;
- zousätzlech Analysen am Buedem, an Ofwaasser a Klärschlamm;
- d'Fuerschung no de Quelle vum TFA, dorënner landwirtschaftlech, industriell an atmosphäresch Quellen;
- d'Weiderentwécklung an d'Harmoniséierung vun den Analysmethoden;
- souwéi d'Duerchféierung vu Monitoringprogrammer fir Liewensmëttel an, am Kader vum Biomonitoring, och fir d'Expositioun vun der Bevëlkerung.

D'Resultater vun dëse Monitoring- a Fuerschungsaktivitéite wäerten d'Grondlag bilden, fir – an Ofstëmmung mat den europäeschen Entwécklungen – geziilt a verhältnesméisseg Moossnamen ze definéieren.

**5. Wéi eng Auswierkunge kéint eng méiglech Restriktioun oder en eventuellt Verbuet vun TFA bildende Pestiziden op déi lëtzebuergesch Landwirtschaft hunn?**

Fir eng Rei TFA bildend Wierkstoffer sti keng alternativ Wierkstoffer zur Verfügung. Entweder kommen da net cheemesch Methoden zum Asaz, oder, wann där keng zur Verfügung stinn, bleift de Schuedorganismus net méi bekämpfbar.

Fir aner TFA bildend Wierkstoffer gëllt, datt alternativ Wierkstoffer zwar do sinn, dës awer manner efficace sinn oder soss problematesch Eegenschaften hunn.

Allgemeng gëllt, datt duerch d'Ewechfale vun engem Wierkstoff d'Entwécklung vun de Resistenzen op verbleiwend Wierkstoffer bäi de Schuedorganisme generell beschleunegt gëtt.

**6. Leien der Regierung scho Recherchen oder Analysen zu méiglechen Alternativen zu dëse Substanze vir?**

Éischt Analysen an och Meldungen aus dem landwirtschaftleche Secteur weisen, datt fir bestëmmte Kultur-Schuedorganismus-Kombinatiounen an der konventioneller Landwirtschaft déi ënnert Fro 5 genannten Auswierkungen antreffe géifen. Betraff si virun allem d'Fungiziden, vereenzelt awer och Insektiziden an Herbiziden.

Ze beuechten ass och, datt net ofschléissend gekläert ass, ewéi eng Wierkstoffer all TFA bilden.

Lëtzebuerg, de 29. Juli 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit